N°4559
Entrée le 31.07.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 03.08.2026
Chambre des Députés

LSAP

Här Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 31. Juli 2026

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Gläichstellung an Diversitéit weiderzeleeden.

Aus der Äntwert vun de Chancëgläichheets- a Sportsministèren op d'parlamentaresch Fro n°4324 geet ervir, datt d'Zuel vun den Affer, déi d'Servicer vum *Centre National pour Victimes de Violences* (CNVV) an Usproch huelen, no der Ausweidung vun den Ëffnungszäiten op 24 Stonnen op 7 Deeg, däitlech geklommen ass. Den CNVV huet an den éischten zwielef Méint 426 Affer betreit, wärend an de leschten zwee Méint eleng schonn iwwer 200 nei Demandë registréiert goufen. Dës Entwécklung weist op eng däitlech méi héich Notzung vum Service hin.

An deem Kontext géing ech der Madamm Ministesch follgend Froe stellen:

1. Wéi vill vun den Affer, déi zanter der Ouverture vum CNVV en Charge geholl goufen, hunn no der éischter ambulanter Betreiung eng längerfristeg psychologesch, sozial oder juristesch Begleedung, respektiv eng Weider Orientéierung un eng aner Struktur gebraucht?
2. Konnt dës weider Begleedung an all de Fäll garantéiert ginn? Wa net, wéi vill Persoune konnten net direkt weider betreit oder orientéiert ginn, a wat waren d'Grënn dofir?
3. Wéi huet sech dës Waardezäit tëscht dem 1. Mee 2026 an haut entwéckelt, am Verglach mat der Period virdrun?
4. Sinn et zanter der Ausweidung vun den Ëffnungszäite Fäll ginn, bei deenen Affer net direkt konnte betreit ginn oder op eng Waardelëscht hu misse gesat ginn? Wa jo, ëm wéi vill Fäll handelt et sech?
5. Wéi erklärt d'Madamm Ministesch déi staark Hausse vun der Zuel un Demanden an de leschten zwee Méint? Leien dem Ministère Elementer vir, déi drop hindeiten, datt et sech ëm: eng verbessert Accessibilitéit vum Service, eng méi héich Bekanntheet vum CNVV, eng méi héich Bereetschaft, Gewalt unzemellen, oder eng tatsächlech Hausse vu Gewaltfäll handelt?
6. Gëtt dës Entwécklung vum Ministère systematesch analyséiert? Wa jo, no wéi enge Critèrë gëtt evaluéiert, wéi eng Facteuren zu dëser Hausse bäidroen?
7. Sinn zousätzlech personell oder finanziell Moyene virgesinn, fir dem héije Besoin gerecht ze ginn? Wa jo, wéi eng konkret Mesurë sinn geplangt a bis wéini?

#ZESUMMEN
Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg
Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu
lsap.lu

Mat déiwem Respekt

Claire Delcourt

Deputéiert



Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

**lsap.lu**